N°1442
Entrée le 02.12.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

**Äntwert vun der Madamm Justizministesch Elisabeth MARGUE op d'parlamentaresch Fro n° 1442 vum 29. Oktober 2024 vum honorabelen Deputéierten Här Laurent MOSAR iwwert de Kampf géint den Drogenhandel.**

D'Regierung huet de feste Wëlle fir e bessere Schutz vum Bierger a fir méi Sécherheet ze suergen. E wichtege Punkt fir dëst politescht Zil ze erreechen, ass de verstäerkte Kampf géint déi organiséiert Kriminalitéit, dorënner natierlech d'Drogekriminalitéit.

Et sief e.a. op d'Äntwerten op d'parlamentaresch Ufroen Nummer 1283, 1296, 1336 an 1412 verwisen, fir den Detail vun de präventiven an de repressive Moossnomen, déi d'Regierung spezifesch géint den Drogenhandel an den Drogekonsum, an allgemeng géint déi organiséiert Kriminalitéit ëmsetzt. Am Kampf géint den Drogenhandel ass et wichteg, datt esouwuel um repressiven, wéi och um präventive Plang geschafft gëtt. Als Justizministesch engagéieren ech mech dofir, datt d'Justizautoritéiten déi néideg Moyene kréien, fir hir wichteg Aarbecht am Kampf géint déi organiséiert Kriminalitéit beschtméiglechst ze maachen. Dozou gehéiert, wéi schonns a viregte parlamentareschen Ufroe geäntwert, méi Personal an och d'Schafe vun enger gesetzlecher Basis fir d'Asetze vu verschiddene polizeitechnesche Mëttel, déi momentan zu Lëtzebuerg bei der Bekämpfung vun der organiséierter Kriminalitéit net kënnen benotzt ginn. Dëst ass néideg, well d'Drogendossieren duerch den transnationale Charakter vun der organiséierter Kriminalitéit ëmmer mei komplex ginn.

Wat eenzel Affairen ugeet, steet et der Justizministesch, wéi an der Äntwert op d'parlamentarsch Ufro 1336 präziséiert, am Respekt vun der Gewaltentrennung net zou, d'Entscheedunge vun de Justizautoritéiten ze kommentéieren. Sou garantéiert d'Lëtzebuerger Verfassung d'Onofhängegkeet vum "ministère public" am Kader vu senge Recherchen a Poursuitten, an d'Opportunitéit vun de Poursuitten läit laut Artikel 23 vum Code de procédure pénale beim Procureur d'État.

Wéi schonns an der Äntwert op d'parlamentaresch Ufro Nummer 240 duergeluecht, besteet d'Ausriichtung vun de Poursuitte vun den zwee Parqueten zënter der Mëtt vun de 70er Joren an dem Gesetz vum 19. Februar 1973 effektiv doran, d'Drogekonsumente virun allem emol als krank Leit ze betruechten, déi prioritär a Richtung vun enger Behandlung oder engem Entzugsprogramm sollen orientéiert ginn. Dëst ass eng Méiglechkeet déi d'Gesetz virgesäit. Sou wenden d'Parquete reegelméisseg den Artikel 23 vum Gesetz vum 19. Februar 1973 un, deen et de Procureuren erlaabt, den Drogekonsumente virzeschloen, sech fräiwëlleg engem Entzugsprogramm ze ënnerzéien. Des Weidere kréien all Joer op mannst 60 jonk Cannabis-Konsumenten e Stage CHOICE18+ bei der Associatioun IMPULS virgeschloen. D'Parquete poursuivéieren d'Drogekonsumenten, wann zousätzlech méi schlëmm Strofdoten virleien, esou wéi Déifstall mat Gewalt oder Abroch, oder de Konsum viru Mannerjäregen oder an der direkter Ëmgéigend vun de Schoulen oder anere Plazen, wou Jonker sech treffen, stattfënnt, oder wa gréisser Quantitéite vun Droge saiséiert goufen.

Haaptsächlech verfollegen d'Parqueten d'Drogendealer. D'Haaptzil vun den Enquêten ass, wéi an der Äntwert op d'parlamentaresch Ufro 1412 duergeluecht, méiglechst och déi ganz Struktur vun de kriminellen Organisatioune kënnen ze demanteléieren an esou déi organiséiert Kriminalitéit wierklech effikass a konsequent ze bekämpfen.

Op Basis vum Wuertlaut vun der Froestellung iwwer "sougenannte "kleng" Affären" ass et net méiglech präzis Statistiken ze liwweren.

Lëtzebuerg, den 29. November 2024.

D' Justizministesch

(s.) Elisabeth Margue